N°1720
Entrée le 03.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur, Wunnengsbau & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg ass nach ëmmer an enger Wunnengskris. Et gëtt ee Mangel u bezuelbare Wunnengen, virun allem fir d'Leit an der Mëttelschicht an nach méi fir Leit mat manner finanzielle Mëttelen. Dobäi kënnt, dass d'Land och an enger Bautekris ass, well aktuell wéineg Neibauten (VEFA) realiséiert ginn.

Grad fir Familljen, déi Wunnengen mat méi Schlofzëmmere brauchen, ass d'Situatioun net einfach. Verschidde Gemengen hunn an hire Gemengereglementer virgesinn, dass maximal eng bestëmmten Unzuel u Persounen dierfen an enger Wunneng wunnen. Esou ass et zum Beispill op verschidene Plazen net erlaabt, dass méi Kanner an engem Schlofzëmmer schlofen.

Mir si Fäll bekannt, wou Proprietairen vu Gemengen gedroht kruten, dass d'Jugendsozialdéngschter ageschalt géife ginn, well d'Familljen an ze klenge Wunnengen liewen. Domadder ginn d'Familljen, déi schonn genuch duerch Wunnengskris an de Mangel u bezuelbaren Wunnraum gestrooft sinn, nach eng Kéier an d'Pan geheit.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Ass d'Regierung gewollt, fir an der Wunnengskris de Familljen entgéint ze kommen a si ze schützen, wa si keng Wunneng fannen, déi grouss genuch fir si ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten